Informatiounsblad: 2020.04
Erschengt 4x d'Joer
engbreckmatlateinamerika.com
www.facebook.com/EBMLA

Eng Bréck mat Lateinamerika

ONG fir Entwécklungshëllef a Mëttel- a Südamerika
CCPL: LU04 1111 0883 0535 0000
BCEE: LU85 0019 3755 3516 0000

34 Jar Entwécklungshëllef a Südamerika

Réckbléck op 20 Joer «Accord-cadre»

a) Aleedung

Mam Enn vun dësem Joer geet engt Kapitel Geschicht vun eiser ONG fir Entwécklungshëllef a Südamerika op een Enn. Déi éischt 14 Joer vun 1987-2000 hu mer eenzel Projeten souwuel an de Lëtzebuerger Kooperatiounsministère wéi an d' Generaldirektioun vun der Entwécklungshëllef vun der EU op Bréissel geschéckt fir finanziell Ënnerstëtzung unzefroen.

Ab 2000 hu mer nëmme méi Hëllef beim Lëtzebuerger Staat ugefrot, well de Kooperatiounsministère dunn engt méi vereinfacht Verwaltungsmëttel ageriicht hat: den Accord-Cadre. A sou engem Accord-Cadre konnt een déi Projeten, déi een an der Period vun 3- 5 Joer wollt realiséieren, an enger Demande zesummefaassen.

Ee vun deenen Ville Reservoiren, déi gebaut goufen fir Waasserreserven fir d'Drëschenzeit ze hunn

Mir hunn eis fir een Accord-Cadre vu 5 Joer entschloss.

Virdeeler:

Domat haten eis Partner a Südamerika a mir Planungssécherheet a wossten mat wéi enge Finanzmëttelen mer wärend deem Zäitraum konnte rechnen.

Am Ufank huet de Ministère 85% vun de Käschten pro Projet bäigeluecht. Sou een Accord-Cadre war fir de Ministère méi einfach ze handhaben, well an enger Kéier fir 5 Joer festlouch wat soll geschéien.

Erausfuederung:

Fir d'ONG war dee schwierigsten Exercice fir am Virfeld kloer ze iwwerleeën wat ee wéi a wéini kënnt ënnerstëtzen wärend deem Zäitraum. Et huet ee jo och misse finanziell plangen mat wat e konnt a misst rechnen a wéi eng Ausgaben ee mat droe kéint.

D'Bäckerei an enger Schoul zu Lima

Wärend iergendenger “Kris” gouf dunn den Taux vu Bäihëllef op 80% zréckgeschrauft; dunn viru 4 Joer (am Spuerprogramm) op 60% fir Projeten an deene Länner, déi vun der OECD net zu deenen am “mannst entwéckelten” agestuuft goufen. Do waren leider all d’Länner a Süd -amerika derbäi obschonn et do immens Ënnerscheeder gëtt an der Populatioun.

Avocadoplantatioun am Siguasdal

Mir haten den Accord-Cadre 2016-2020 nach mat deem favorablen Taux ausgeschafft an accordéiert kritt.

Mee leider leeft dee Vertrag tëscht dem Ministère an der “Bréck mat Lateinamerika” mam Jar 2020 aus. Wa mer een neien Accord vun 3 oder 5 Joer ausgeschafft hätten, dann hätte mer nëmme méi den Taux vu 60% Bäihëllef kritt; dat heescht mir hätte missen 40% vun de Gesamtkäschten zesumme kréien, wat mir awer sou net stäipe kënnen. D’Doen, op déi mir ugewise sënn, fir den Deel vun der ONG ze droen, waren déi lescht Jore net sou héich, dat mir sou ee grousse Betrag bäistéiere kéinten.

Dofir hu mer lo decidéiert keen Accord-Cadre méi ofzeschléissen, ma op de Kofinanzement zeréckzegräifen, wou mer zwar och “nëmmen” 60% vum Staat bäigeluecht kréien, mee mir awer méi flexibel déi Projete kënne rareechen, déi mir als ONG och sëcher mat droe kënnen. De Ministère gesäit am Prinzip 2 Appeller pro Joer vir wärend deenen ee maximal 2 Projeten ka rareechen. All Projet huet och nëmme méi eng Lafzäit vun 3 Joer. Et kann een och nëmme maximal 4 Projete gläichzäiteg lafen hunn.

Mir hu lo 2 Projeten fir 2021-24 ragereecht. Mir erzielen iech méi doriwwer an engem vun eise nächste Bulletinen, wann se dann ugeholl goufen.

b) Wat hu mer an deenen 20 Joer realiséiert?

- Accord-cadre 2001-2005: 36 Projeten vun ënnerschiddlecher Gréisst goufe realiséiert fir en Total vu 5 317 688.- EURO:
21 am Peru fir eng Gesamtzomm vun 3 605 501.- EURO
8 a Bolivien fir eng Gesamtzomm vun 591 168.- EURO
1 am Ecuador fir eng Gesamtzomm vun 274 642.- EURO
4 a Kolumbien fir eng Gesamtzomm vun 281 392.- EURO
1 am Chile fir eng Gesamtzomm vun 139 042.- EURO

Projet fir Kanner a Fraen, déi enner Gewalt leiden zu Cochabamba

1 am El Salvador fir eng Gesamtzomm vun 396 005.- EURO

- **Accord-cadre 2006-2010:** 37 Projeten vun ënnerschiddlecher Gréisst goufe realiséiert fir en Total vu 6 611 259.- EURO:
23 am Peru fir eng Gesamtzomm vun 3 961 162.- EURO
7 a Bolivien fir eng Gesamtzomm vun 1 338 007.- EURO
6 a Kolumbien fir eng Gesamtzomm vun 928 409.- EURO
1 am El Salvador fir eng Gesamtzomm vun 374 922.- EURO

- **Accord-cadre 2011-2015:** 20 Projeten fir eng Zomm vu 5 183 524.- EURO:
11 em Peru fir eng Gesamtzomm vun 2 721 001.- EURO
6 a Bolivien fir eng Gesamtzomm vun 1 317 490.- EURO
3 a Kolumbien fir eng Gesamtzomm vun 686 093.-

d'Frae verschaffen d'Woll vun hire Schof (links); Pochen aus Naturcoton (uewen)

Déi 3 Coopéranten, déi eis Aarbecht an 2 Länner ënnerstëtzt hunn: 458 939.- EURO

- **Accord-cadre 2016-2020:** nëmme méi 13 Projeten ware do virgesinn, well mer net wossten op eis finanziell Mëttelen géifen duer goen, fir méi ze maachen. Well des Projeten deelweis nach iwwert déi éischt Méint vum Joer 2021 lafen, bedéngt duerch de COVID, wéi mer well am zweete Bul-

letin vun 2020 erzielt haten, kënne mer nach keen definitive Bilan zéien. Hei trotzdeem wat virgesi war am Budget a wat och sou an des Richtung realiséiert gouf.

Gesamtzomm: 4 633 872.- EURO:
7 am Peru fir eng Gesamtzomm vun 2 692 285.- EURO
5 a Bolivien fir eng Gesamtzomm vun 1 774 912.- EURO
1 a Kolumbien fir eng Gesamtzomm vun 166 665.- EURO
Fir d'Coopéranten hu mer 198 084.- Euro investéiert.

c) Projeten, déi ënnerstëtzt goufen:

Am ganzen hu mer 89 Projeten an deenen 20 Joer mat Accord-Cadre ënnerstëtzt,

MAT HËLLEF VUN IECH AN DEM KOOPERATIOUNSMINISTÈRE.

Op folgende Gebidder hu mer gehollef:

- 39 Ackerbau-, Bewässerungs- oder Drénkwaasserprojeten
- 9 sozial Projeten: Fraenorganisatiounen, Dispensairen, Crèchen
- 10 Projeten, an deenen et em Bekämpfung vu Gewalt goung, virun allem bei de Fraen, Kanner a Jugendlechen
- 4 ekologesch Projeten
- 24 Formatiounsprojeten: Fortbildungszenteren, Internater, Ennerstëtzung fir Schoulen
- 3 Ernährungsprojeten

Mir hunn och zäitweileg bis zu 3 **Coopéranten** agestallt gehat, déi an de Projeten geschafft hunn an och eng Kontroll- a Relaisfonktioun fir EBMLA haten.

Doniewent hu mer méi wéi 30 jonke Lëtzebuerger d'Méiglechkeet ginn iwwer de **Service Volontaire Coopération,** de Coopératiounsprogramm vum SNJ, tëschent 6 an 12 Méint an engem vun eise Projeten e Fräiwëllegendéngscht ze maachen a sou wäertvoll Erfarungen fir hiert spéidert Beruffsliewen ze sammelen.

Fir ofzeschléissen soen mir Eech alleguer **MERCI** *fir Är finanziell Ënnerstëtzung: dem Kooperatiounsministère, de Gemengen, de Veräiner an all eenzelen private Donateur, déi eis et erméiglecht hunn deene Leit , deenen et net sou gutt geet wéi eis, e bëssen Liicht an hiert d'Liewe an d'Aussiicht op eng besser Zukunft ze bréngen.*

Dir kritt dëse Bulletin geschéckt, well der eis een Don gemaach hat. Iwwert dëse Wee wëlle mer Iech weisen wat mat Äre Sue geschitt.
Wann Der net méi wëllt iwwert eis Aarbecht informéiert ginn, da sot eis Bescheed op der E-mail- Adress: dahm1@pt.lu oder um Tel: 808071.

Mat desem QR-Code kënn Der mat Digicash Aeren Don un "Eng Bréck mat Lateinamerika maachen" Dir kënnt awer och op ee vun de Konten op der 1. Säit iwwerweisen. Merci

Diekirch
Port payé
P/S.246

Eng Bréck mat Lateinamerika
19,rue Jean l'Aveugle
L-9208 Diekirch